Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Oktober 2026

Avis zu engem Walrecht ab 16

Politesch Participatioun vun de Jonke stäerken

D'CNEL, déi national Schülerkonferenz, setzt sech fir d'Aféierung vum Walrecht ab 16 Joer an. Dës Positioun hu mir schonn an eisem Avis vum Februar 2024, « Le lycée de demain : Recommandations pour le nouveau gouvernement sur l'éducation et la participation des élèves », festgehalen.

Am Liicht vun de rezenten Diskussioune wëll d'CNEL hir Positioun nees an d'Debatt abréngen an d'Stëmm vun de Schüler(innen) an der Fro vun der politescher Participatioun stäerken.

D'Walrecht ab 16 Joer ass fir d'CNEL eng Méiglechkeet, Jonker méi staark an eis Demokratie anzebannen. Well si scho vun haut politeschen Decisioune betraff sinn, sollen si och d'Méiglechkeet kréien, dës matzebestëmmen an hir Meenung konkret an den demokratesche Prozess anzebréngen.

D'CNEL begréisst an dësem Kontext d'Resolutioun vum Jugendparlament vum Juni 2026, an där si sech fir d'Aféierung vum Walrecht ab 16 Joer positionéiert hunn. Dobäi ginn d'Wichtegkeet vun der politescher Bildung, der biergerlecher Participatioun an enger gradueller Aféierung ervirgehuewen.

Och fréier Presidentinnen a Presidente vum Jugendparlament hunn sech am September 2026 an engem gemeinsame Bréif fir d'Walrecht ab 16 Joer bei de Gemengewale positionéiert. Dëst weist, dass d'Fuerderung iwwer verschidde Generatioune vu Jonken eraus gedroe gëtt.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Jonker sinn Deel vun eiser Demokratie

Demokratie lieft vun der Participatioun a Jonker engagéieren sech schonn haut op ville Plazen an der Gesellschaft: a Schülercomitéen an der CNEL, am Jugendparlament, a Jugendparteien, a Museks- a Sportveräiner, bei sozialen oder ekologeschen Initiativen, a fräiwëllege Projeten an a ville weideren Organisatiounen. Si iwwerhuele Verantwortung, bréngen hir Iddien an a gestalten d'Gesellschaft aktiv mat. D'CNEL ass der Meenung, dass Jonker dofir och méi staark an d'Entscheedungsprozesser agebonne solle ginn.

Och am Koalitiounsaccord 2023–2028 erkennt d'Regierung d'Wichtegkeet vun dëser Participatioun un a wëll Jonker méi staark an demokratesch Prozesser abannen. Fir d'CNEL ass et dofir konsequent, dës Participatioun net nëmmen a Schoul- a Jugendstrukturen ze förderen, mee Jonken och eng konkret Matbestëmmung duerch d'Walrecht ze erméiglechen.

Walrecht ass och politesch Bildung

Fir d'CNEL geet politesch Bildung iwwer dat theoretescht Léiere vun eisen Institutiounen eraus: Demokratie muss och gelieft an erlieft ginn. Jonker léieren Demokratie, andeems si hir Meenung ausdrécken, mat aneren diskutéieren, verschidde Standpunkte kenneléieren, gemeinsam Léisunge sichen an un Entscheedunge matwierken, zum Beispill a Schülercomitéen, bei Projeten oder a schoulesche Consultatiounen. D'Méiglechkeet, selwer eng Wiel ze treffen an eng Stëmm ofzeginn, ass eng weider wichteg Erfarung. Dofir soll d'Aféierung vum Walrecht ab 16 Joer mat enger Stäerkung vun der politescher Bildung verbonne sinn.

Schonn an eisem Avis vun 2024 hu mir eng Ännerung vum Fach « Éducation à la Citoyenneté » gefuerdert, mat méi interaktivem Unterrecht an Theme wéi Geopolitik, kriteschem Denken an aktuelle gesellschaftleche Froen. Politesch Bildung muss dobäi pluralistesch, kritesch a parteipolitesch neutral bleiwen, fir datt Jonker sech eng eege Meenung bilde kënnen.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

Walrecht amplaz vun „net bereet sinn“

Ee vun den heefegsten Argumenter géint d’Walrecht ab 16 Joer ass, dass Jonker politesch nach net genuch informéiert wieren oder hinnen déi néideg Erfarung géif feelen. Fir d’CNEL ass dat awer kee Grond, si vum demokratesche Prozess auszeschléissen. Wann e Manktem u politeschem Wëssen e Grond wier, fir d’Walrecht ze beschränken, misst een sech och froen, wéi dëse Critère bei Erwuessenen applizéiert géif ginn.

D’Walrecht ass kee Präis fir politescht Wëssen, mee e Grondelement vun der demokratescher Participatioun. D’Äntwert op e Manktem u politescher Bildung soll dofir net manner Participatioun, mee eng Stäerkung vun der politescher Bildung sinn. Wann Jonker scho fréi léieren, sech mat politeschen Themen auserneenzesetzen, verschidde Standpunkte kritesch ze bewäerten an informéiert Entscheedungen ze treffen, leeën si domat de Grondstee fir eng informéiert a responsabel Participatioun am Erwuessenenalter. Politesch Bildung am jonken Alter kënnt esou der ganzer Gesellschaft zegutt.

Firwat e Recht, mee keng Flicht?

D’CNEL hält un hirer Positioun aus dem Joer 2024 fest, datt d’Walrecht fir Jonker ënner 18 Joer fräiwëlleg soll sinn. Jonker sollen d’Méiglechkeet kréien, schonn ab 16 Joer un de Walen deelzehuelen, ouni direkt enger Walflicht ënnerworf ze sinn.

D’Aféierung vum Walrecht soll Jonken d’Méiglechkeet ginn, éischt demokratesch Erfarungen ze sammelen an sech aktiv mat politesche Froen auserneenzesetzen. Dës Participatioun soll awer op enger eegener Entscheedung berouen. Dofir soll et Jonken ënner 18 Joer fräi stoen, ob si vun hirem Walrecht Gebrauch maachen, wärend si d’Geleeënheet kréien, sech mat de Walen an hirer Bedeitung vertraut ze maachen.

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
CNEL

Eis Demokratie brauch d'Jugend

D'Politik decidéiert haut iwwer Themen, déi d'Liewe vun de jonke Generatiounen iwwer Joerzéngte wäerte beaflossen: Pensiounen, Wunnengsbau, Mobilitéit, Bildung, Digitaliséierung, Klimawandel oder d'Zukunft vun Europa. Et ass dofir net konsequent, Jonker als "d'Zukunft" vun eiser Gesellschaft ze bezeechnen, se awer gläichzäiteg bei engem vun de wichtegsten Instrumenter vun demokratescher Participatioun auszeschléissen.

D'Jugend besteet net nëmmen aus Biergerinnen a Bierger vu muer.

Si ass och schonn d'Gesellschaft vun haut.

D'Aféierung vum Walrecht ab 16 Joer wier dowéinst och e Signal, datt d'Stëmm vun de Jonken an eiser Demokratie eescht geholl gëtt.

Eis Positioun

D'CNEL fuerdert dofir:

1. **D'Aféierung vun engem fräiwëllege Walrecht ab 16 Joer bei alle Walen am Grand-Duché.**

2. **Eng Stäerkung vun der politescher Bildung an de Lycéeën**, mat engem interaktiven a prakteschem Fach « Éducation à la Citoyenneté ». Dobäi sollen d'Lycéeën och d'Demokratiewoch notzen, fir Jonken d'Méiglechkeet ze ginn, sech aktiv mat demokratesche Prozesser auserneenzesetzen.

3. **Méi konkret Méiglechkeete fir Jonker, demokratesch Participatioun ze erliewen**, och ausserhalb vu formelle Strukturen, fir datt si sech och ouni laangfristegt Engagement an enger Organisatioun oder engem Veräin aktiv abrénge kënnen.

4. **Eng verständlech an accessibel Informatiounscampagne fir jonk Wieler**, déi d'Walfunktioun, d'Walprozedur an déi verschidde politesch Institutiounen erkläert.

5. **Eng konsequent an neutral Bildung am Ëmgang mat Desinformatioun a politeschem Contenu op de soziale Medien.**

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg
info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333
87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg
www.cnel.lu

D’CNEL ass iwwerzeegt, datt Jonker net waarde sollen, bis si 18 Joer al sinn, fir sech demokratesch anzebréngen. Mir wëllen informéiert ginn, matdiskutéieren, Verantwortung iwwerhuelen a bei Decisiounen, déi eis haut scho betreffen, matbestëmmen. Dofir gehéieren d’Walrecht ab 16 Joer an eng staark politesch Bildung zesummen.

D’CNEL hält un hirer Positioun aus dem Februar 2024 fest a setzt sech weider fir d’Aféierung vum fräiwëllege Walrecht ab 16 Joer an.

Mir wëllen net nëmmen, datt iwwer Jonker geschwat gëtt. Mir wëllen, dass Jonker selwer matentscheede kënnen.

Luca Roettgers

Président de la CNEL

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg

info@cnel.lu
Tél.: +352 40 60 90 333

87, route de Thionville
L-2611 Luxembourg

www.cnel.lu